

Froen

Bildung

1. Wéi wëllt Dir diskriminéierend Inhalter (sexistesch, rassistesch, klassistes) am Schoulmaterial an an de Programmer ofschaffen?

Et gëtt e neien deementsprieche Leifaden fir Bicher vum Script, (Leifaden : Für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild in Schulbüchern). Eventuell wier et sënnavoll, eng Stell an d'Liewen ze ruffen, wou een diskriminéierend Inhalter ka signaléieren.

Parallel ass d'Informatioun, Formatioun, d'Formation continue a Sensibiliséierung vun den Enseignantën extreem wichteg, well een esou Inhalter warscheinlech trotzdeem nach ëmmer erëm begéint, zum Beispill och an der Literatur, an et do wichteg ass dat an den historesch-gesellschaftleche Kontext ze setzen an d'Hannergrënn z' erklären. Dozou ginn et eng Rei Initiativen a Projeten vum MEGA, fir géint Stereotypen an der Bildung an Erzéiung virzegoen.

2. Wéi wëll ÄR Partei d'Representatioun vu Fraen an de Schoulprogrammer erhéijen (weiblech a queer Auteuren an der Literatur, Kënschtlerinnen, Wëssenschaftlerinnen, Musekerinnen,...)?

Och hei sinn d'Formatioun a Sensibiliséierung vun Enseignantë wichteg. En Aarbechtsgrupp kéint spezifesch op deem Thema schaffen fir "Best Practices" virzeschloen, dat natierlech an Zesummenaarbecht matt Stellen wéi de CID Fraen an Gender, déi weider muss encouragéiert an ënnerstëtzt ginn.

Mir denken och dass net nëmme sollt méi vun, mee och iwwert dës Frae geschwat ginn.

3. Wëllt Dir genderspezifesch Aspekter an d'Ausbildung vum Léierpersonal integréieren?

Jo op alle Fall, dat ass d'Grondviraussëtzung fir op deem Thema virun ze kommen. Dat sollt net nëmme an der initialer Grondausbildung de Fall sinn, mee och obligatoresch an der Formation continue.

4. Wëllt Dir d'Erkennung an d'Präventioun vu Gewalt an d'Formatioun vun der Police, der Justiz an dem Gesondheetspersonal als feste Bestanddeel integréieren, respektiv ausbauen?

Jo, dat ass e ganz wichtegen Aspekt fir Gewalt ze bekämpfen a virzebeugen. Dat sollt och an der Formation continue de Fall sinn fir esou d'Bewosstsinn fir d'Thema ëmmer nees a reegelméisseg opzefrëschen!

5. Wéi wëllt Dir eng geschlechtersensibel Perspektiv an déi non-formell Bildung integréieren?

Och do missten beim Personal genderspezifesch Aspekter méi e grouse Stellwäert an der Formatioun hunn. Och wann d'Thema elo scho am Kader vum Qualitéitskonzept zum Droë kënn, sollt déi geschlechtersensibel Perspektiv méi eng wichteg Plaz an der non-formaler Bildung anhuelen, zB andeems d'Integratioun vun geschlechtersensibelen Aktivitéiten an den Betreuungsstrukturen weider encouragéiert, ausgebaut an eventuell obligatoresch ginn.

Ganz wichteg sinn och d'Aktiounen a Projeten fir den Undeel vu Männer beim Personal z'erhéijen. Als Beispill kann een déi vum MEGA initiéiert/ënnerstëtzt Aktiounen a Projeten wéi de Boys day a Projeten

wéi Social boys an Gender Game (Projet LISER) nennen, déi sech bei de Kanner positiv op Rollebillen an eegent Verhalen auswierken.

Aarbecht

6. Wéi wëll Är Partei de berengegten Gender-Pay-Gap ofschafen?

Lëtzebuerg steet a Saachen Gender-Pay-Gap zimmlech gutt do. Déi Ënnerscheeder déi bleiwen, entstinn v. a. wéinst Primmen, wou méi Transparenz néideg ass, an de Fait dass méi Fraen op den Temps partiel zeréck gräifen. Do wier et wichteg fir eng méi gerecht Opdeelung tëscht béiden Elterendeeler duerch geziilt Mesuren z'encouragéieren.

Déi läscht Reform vum Congé parental – matt enger méi héijer Indemniséierung an méi Flexibilitéit - huet do en Ännerungsprozess op de Wee bruecht, well se dozou gefouert huet, dass wäit méi Pappen de Congé parental huelen an doduerch d'Roll vun de Pappen an der Care-Aarbecht gestärkt gouf. Op deem Wee sollt ee viru fueren. D'LSAP ass zB fir e Recht op Deelzäit matt Recht op Retour a Vollzäit an dass de Staat Cotisatiounen fir d'Pensiounskees zum Deel iwerhëllt, wa béid Elteren d'Aarbechtszäit reduzéieren.

7. Ëm wéi vill Stonne wëll Är Partei d'Aarbechtszäit verkierzen?

Déi aktuell Regierung huet en éischte Schrëtt gemaach, andeems se een zousätzlechen Dag Congé agefouert a mam Europadag ee weidere Feiertag geschaf huet. Prinzipiell setzt d'LSAP sech dofir an, dass d'Salariéen méi vun de Produktivitätssteigerungen a Gewënner profitéieren, dass d'Work-Life-Balance méi berücksichtegt an an deem Sënn d'Arbeitszäit weider verkierzt gëtt. An deem Sënn kann d'LSAP sech virstellen, déi regulär Arbeitszäit an enger éischer Phase op 38 Stonnen d'Woch erof ze setzen.

8. Wéi wëll Är Partei déi grouss Ongläichheet tëscht de Geschlechter bei de Renten ausgläichen?

D'Ongläichheet bei de Renten ass jo an éischer Linn op d'Carrières-Ennerbriechungen an Deelzäitaarbecht vun de Fraën zréck ze féieren. D'Carrières-Ennerbriechungen wäerten an de nächste Joren erof goen, well den Taux d'emploi vun de Fraen geklommen ass a weider klëmmt. Wat d'Deelzäitaarbecht ugeet wëll d'LSAP Fraen a Männer gläichermoossen encouragéieren fir sech ëm d'Kanner ze këmmere an zu zwee Deelzäit ze schaffen. Wärenddeems sollt de Staat op mannst en Deel vun de Pensiounscotisatiounen iwwerhuelen – ënnert der Konditioun dass béid Elterendeeler an Deelzäit ginn.

Och d'Individualiséierung ass eng Piste – an dat souwuel wat d'Steieren, wéi och d'Pensiounen ugeet. Dat brauch Iwwergangszäiten an e Pak vu Begleetmoosnamen, well vill Familljen hier Decisiounen wat Aarbecht a Kannerbetreuung ugeet nach opgrond vun deem ale System getraff hunn an e Systemwiessel op mannst kuerzfristeg fir vill Leit deels negativ Konsequenzen géiff hunn.

9. Wëll Är Partei e bedéngungsloost Grondakommes aféieren?

D'Iddie schéngt ganz intressant, mee d'LSAP huet eng virsichteg Positioun géintwuer dem Grondakommes. Fir vill Verfechter vum bedéngungslose Grondakommes ass sous-entendu, dass de Sozialstaat domadder iwwerflësseg gëtt oder op mannst op e Minimum kéint reduzéiert ginn, well d'Leit jo dann Ressourcen hätten fir selwer fir sech ze suergen. Domadder wier awer all Iddie vu Solidaritéit an der Gesellschaft fort an Leit déi vu Schicksalsschléi getraff ginn, géifen sech selwer iwwerlooss. Esou enger Variant vun engem bedéngungslose Grondakommes kann d'LSAP net zoustëmmen.

10. Wéi wëll Är Partei eng Kannerbetreierung fir all Kand, onofhängeg vun der Situatioun vun den Elteren, garantéieren (besonnesch fir strukturschwaach Géigenden an Elteren, déi op den öffentlechen Transport ugewise sinn)?

Dee Problem ass reell, mee net ganz einfach ze léisen. Engersäits wier et wichteg fir regional Strukturen gezielt ze förderen an z'ënnerstëtzen; dat selwecht gëllt fir d'Dageselteren, deenen hier Aktivitéit sollt méi attraktiv gemaach ginn, e.a. andeems déi legal Basis an d'Obligatiounen iwwerschafft ginn, mee och eng konsequent Fërderung agefouert gëtt.

Donieft soll d'Schafe vu Betriebsrëchen ënnerstëtzt ginn.

Famill

11. Ëm wéi vill Wochen oder Méint wëll Är Partei de Congé de naissance (aktuell Bezeichnung "Pappecongé") verlängeren?

De sogenannte "Pappecongé" – deen no enger Gebuert oder no enger Adoptioun deem Elterendeel zousteet, deen net de Congé de maternité oder de Congé d'Accueil kritt – gouf virun e puer Joer vun 2 Deeg op 2 Wochen verlängert – wat ganz wichteg war an e grouse Fortschrëtt duerstelt. Fir d'Elteren a fir d'Kanner wier et sécher am beschten, wann deen zweeten Elterendeel sou läng wéi méiglech doheem kéint bliwen – fir deen éischten Elterendeel z'ënnerstëtzen, mee och fir vun Ufank un eng méi enk Bezéiung zum Kand kënnen opzebauen. Allerdéngs muss een do och déi wirtschaftlech an organisatoresch, betriebsintern Realitéiten matt berücksichtegen an deemno e Kompromëss fannen.

Fir eis ass kloer, dass an all Fall den zweeten Elterendeel soll e Recht op dëse Congé hunn, onofhängeg vum Geschlecht. Entsprechend gesetzlech Ännerungen missten sou séier wéi méiglech gemach ginn.

12. Wéi wëllt Dir d'Aarmut vun den Elengerzéienden ofschafen?

Et ass e Fait dass Elengerzéiender extreemst ënner Drock stinn a belaascht sinn – net nëmmen vun deem wat se u Care-Aarbecht leeschten, mee och finanziell. Mir plaidéieren dofir fir eng Steuerreform, wou d'Elengerzéiend manner héich besteiert ginn.

Kuerzfristeg sinn Adaptatioune beim Crédit d'impôt monoparental geplangt: de CIM soll substanzuell gehéicht ginn an et soll – anescht wéi bis elo – och d'Unzuel vun de Kanner berücksichtegt ginn. Generell setzt d'LSAP sech dofir an, dass bei de Steieren d'Progressioun manner séier a méi spéit zum Droe kënnt. Och dat kënnt den Elengerzéienden zegutt.

Op laang Siicht soll eng individuell Besteuerung méi Gerechtegkeet bréngen – dat brauch awer Iwwergangszäiten an Iwwergangsbestëmmungen fir Probleemer, déi sech wäerte stellen, opzefänken.

13. Wëll Är Partei e Recht op e Congé de maternité fir Deputéiert a Regierungsmemberen aféieren?

Dat wier wichteg a gutt! Well Deputéiert a Regierungsmemberen an hirer Tâche jo net an engem reegelrechten Aarbechtsverhältnis stinn, muss do eng adaptéiert Léisung fonnt ginn. Mir sinn awer der Meinung, dass alles sollt dru gesat ginn fir e Wee ze fannen fir dat méiglech ze maachen.

Gesondheet

14. Wëll Är Partei "Endometriosis" als Krankheet unerkennen? Falls nee: Firwat?

Endometriosis ass sécher als Krankheet unzegesinn. Et ass wichteg fir méi a besser doriwwer z'informéieren an et muss alles gemat ginn, fir de betraffene Fraen ze hëllefen. Wann d'Beschwerden ze grouss sinn, ass et och kloer, dass si net schaffe kënnen a sech krank mellen, respektiv sech vum Dokter krank schreiwe loossen.

15. A wéi fern ënnerstëtzt Dir d'Schafung vun engem onafhängege Bureau de Plainte bei gynekologescher Gewalt?

De Phenomeen vun der gynekologescher Gewalt ass reell a net akzeptabel. Dofir wier eng Ulafstell eventuell eng gutt Saach, vläit am Kader vum Gesondheets-Mediatiounsservice. Ganz wichteg ass et doriwwer ze schwätzen, z'informéieren an ze sensibiliséieren.

Et brauch och onbedéngt en Echange mat an eng Opklärung vun den Dokteren, well et verschiddene vun hinnen heiansdo u Bewosstsinn feelt, wéi verschidden Interventiounen/Gesten (déi si fir medezinesch noutwenneg ugesinn an se dofir net thematiséieren, net diskutéieren a net erklären) vun de Fraen erlieft ginn, respektiv wat et bräicht fir dass dat net esou ass. E besseren, méi adaptéierten, respektvollen an empatheschen Ëmgang an eng besser Kommunikatioun wieren en éischte Schrëtt.

16. Wëll Är Partei d'Gratisverdeelee vu Menstruatiounsproduiten an alle staatlech geréierten Toiletten aféieren?

Jo... an am beschten net nëmmen an de staatlech geréierten Toiletten.

17. Am Moment ginn d'Pëll, de Vaginalrank, d'Verhütungsplooschter, d'Kupfer- an d'Hormonspiral bis zum 30. Liewensjoer zu 80% rembourséiert. Wëll Är Partei den Alter fir vun dësem Remboursement ze profitéieren erop setzen?

D'LSAP setzt sech an fir de Remboursement vun Verhütungsmëttel fir all d'Fraen – dat ass och esou am Koalitiounsaccord virgesinn. De Projet huet wéinst der Pandemie Verspéidung kritt, mee soll Ugangs 2023 ëmgesat ginn, wann d'Fro vum Remboursement vun der gynekologescher Interventioun fir d'Spiral anzesetzen gekläert ass.

Politik a Gesellschaft

18. Wéi wëllt Dir d'Erhiewung an d'Notzung vun genderspezifischen Donnéeë sécher stellen (bei parlamentareschen Ufroen, beim Statec, bei Etüden, ...)

D'Erhiewung an d'Notzung vun genderspezifischen Donnéeë an alle Beräicher sollten d'Reegel sinn. Zu engem groussen Deel geschitt dat jo schonn – opgrond dovunner gi jo och d' Donnéeën ausgewäert zB fir ze kucken wéi sech d' Pandemie op d'Fraen an op d'Männer ausgewierkt huet.

Generell brauch et esou Donnéeë fir kënnen Politik a Mesuren genderspezifesch auszerichten, z'evaluieren an evtl. unzepassen. An deem Sënn ënnerstëtze mir als LSAP d'Initiative vum MEGA, deen den Observatoire à l'égalité agesat huet, fir endlech all Donnéeën op enger Plaz ze sammeln an ze verschaffen.

19. Wéi wëllt Är Partei Genderbudgeting ëmsetzen?

Mir sinn der Meenung dass d'Gendergerechtkeet sech muss wéi e roude Fuedem duerch déi verschidde Politikberäicher zéien a bei allen Decisiounen a Mesuren am A behale ginn. Ob Genderbudgeting do generell déi bescht an déi eenzeg Léisung ass, ass eng aner Fro.

20. Wéi setzt sech Är Partei besonnesch fir rassiséiert Fraen, queer Fraen a Frae mat Behënnerung an?

Andeems mer déi entspreichend Servicer an Organisatiounen ënnerstëtzen a stäerken, Informatioun a Sensibiliséierung an Formatioun zu deenen Themen initiéieren a virun driewen.

21. Wéi wëll Är Partei genuch bezuelbare Wunnraum fir besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppe schafen (elengerzéiend Elteren, Familljen mat méi wéi 3 Kanner, Affer vun haislecher Gewalt, ...)?

Mir brauche generell méi bezuelbare Wunnraum, a virun allem an der ëffentlecher Hand. Dofir gouf op Initiativ vun der LSAP eng Regel per Gesetz agefouert, dass bei all neuem Wunnquartier en Deel vun de Wunnengen d'office un de Staat an un d'Gemengen goe muss. Sou hunn si d'Chance, dës Wunnengen fir abordabel Präisser zur Verfügung ze stellen. Fir eidelstoend Terrainen a Wunnengen ze mobiliséieren, ënnerstëtzt d'LSAP voll a ganz d'Gesetzesprojeten, déi d'Regierung dofir op den Instanzewee bruecht huet. Donieft muss och d'Gestion locative sociale weider massiv gefërdert ginn. Beim Zougang zu sozialen a bezuelbare Wunnengen gëtt et eng Prioriséierung – eventuell sollt déi nach eemol iwwerschaft a verbessert ginn.

22. Wéi wëll Är Partei Jongen- a Männeraarbecht fërderen (zousätzlech zum Service InfoMann)?

De Service InfoMann mécht eng gutt a wichteg Aarbecht. Do dernieft ginn et eng ganz Partie Aktiounen a Projeten – wéi zB de boys' day oder och social boys - déi déi traditionell Rolleverhalen a Fro stellen an opbriechen. Weider wëlle mir méi Sensibiliséierung an Informatioun, méi eng breet Offer fir Berodung, grad wéi Gesondheitsprogrammer, Informatiounen a Formatiounen fir den ëffentlechen Discours an d'Billen vu Männer a Jongen/Fraen a Meedercher an déi verbleiwende Rollemustere z'entlarven an opzeléisen. Dat geschitt generell och ganz vill iwwert Politiken, Projeten a Moosnamen, déi op méi Gendergerechtegkeet ausgeriicht sinn.

23. Frae leeschten een Drëttel méi onbezuelte Care-Aarbecht wéi Männer an hunn doduerch däitlech manner zäitlech an ekonomesch Ressourcen, wat a ville gesellschaftleche Beräicher d'Ongläichstellung vun de Geschlechter fërdert. Wéi wëll Är Partei dëser ongläicher Verdeelung vun der onbezuelter Care-Aarbecht entgéint wierken?

D'Care-Aarbecht ass nach ëmmer ongläich opgedeelt, och wann et do Progrësen gëtt. An deem Beräich gëllt et Astellungen a Gewunnechten ze änneren, wat een nëmmen op laang Siicht erreeche kann. Déi Entwécklung soll a muss d'Politik ënnerstëtzen an fërderen duerch volontaristesche Mesuren. D'Reform vum Congé parental – zesumme mam Fait dass de Congé parental net vun engem op deen aneren Elterendeel iwwerdrobar ass – ass esou eng Mesure, déi bewierkt, dass Pappen sech méi an der Care-Aarbecht, an der Kannererzéiung an am Stot engagéieren. D'Fro ass, ob dat och nohalteg esou bleift. Dofir plaidéiert d'LSAP zB fir e Recht op Deelzäit matt Recht op Retour a Vollzäit an dass de Staat Cotisatiounen fir d'Pensiounskees zum Deel iwerhëllt, wa béid Elteren d'Arbeitszäit reduzéieren.

24. Wéi eng konkret Mesuren plangt Är Partei fir Paritéit an de politesche Mandater ze fërderen?

D'LSAP huet ënnert der lëschter Regierung d'gesetzlech Quoten agefouert a viru Kuerzem decidéiert, sech eng duebel Spëtzt ze ginn. 2020 gouf um LSAP Kongress eng Dages-Resolutioun gestëmmt, dass och bei de Gemengewalen déi 40% vum ënner-representéierten Geschlecht op den Lëschten viséiert ginn. Mir sinn eis awer bewusst, dass dat kee Wonnermëttel ass, dat mat enger Kéier all Problemer a Saache Paritéit wäert kënnen léisen. Mir müssen méi konsequent a méi systematesch Fraen a Jonker fërderen, se abannen a se méi an de Vierdergrond stellen, se forméieren, vernetzen an ënnerstëtzen.

Och hei gëllt, dass aner Mesuren, déi zB fir eng méi gerecht Opdeelung vun der Care-Aarbecht solle suergen, och e groussen Afloss op d'Bereitschaft an d'Méiglechkeet vun de Fraen hunn, fir sech an der Politik z'engagéieren a Verantwortung z'iwwerhuelen.

25. Wéi wëllt Dir sexistesch Belästegung am ëffentleche Raum verréngeren?

D'LSAP ass der Meenung, dass et wichteg wier, fir méi Informatiounen an Donnéeën iwwert dee Probleem ze hunn, fir ze wëssen, wou een am Beschte sollt usetzen fir en ze bekämpfen. Da brauche mer Sensibiliséierung an Informatioun fir de Phenomen an d'Bewosstsinn ze huelen a Campagnen (intressant Beispiller ginn et an der Stad Zürech oder Lausanne) op verschiddenen Niveauen fir d'Affer ze stäerken, fir d'Täter ze sensibiliséieren, Informatioun a Formatioun bei der Police an öffentlech Stellen, fir méi Zivilcourage bei der Populatioun fir net ewech ze kucke...

26. Wéi wëll Är Partei eng geschlechtersensibel Verkéierspolitik fërderen?

Do gëllt et vun zwou Säiten un de Problem erun ze goen:

Et gëtt tatsächlech ënnerschiddlech Besoinen, awer virun allem, well d'Frae méi Care-Aarbecht maachen an dohier méi an aner Weeër maachen an och aner Moyenen benotzen fir sech fortzebeweegen. Wann d'Care-Aarbecht besser a méi gerecht opgedeelt ass, da stellt d'Fro sech anescht, well dann d' Problemer an d'Schwieregkeeten méi wouergeholl an dann eventuell och geléist ginn.

En attendant, dass dat sech ännert, ass et wichteg eben och déi multippel Weeër am Kader vun der Care-Aarbecht bei der Verkéiersplanung ze berücksichtegen. En éischte Schrëtt wier, fir mol méi ausféierlech Informatiounen iwwert d'Weeër vu Fraen a vu Männer ze hunn an opgrond dovunner d'Verkéierspolitik an d'Verkéiersplanung z'iwwerdenken respektiv z'adaptéieren. Mir wëllen eng gendergerecht Approche an der Stadplanung, matt Biergerparticipatioun a méi Expertinnen am Beräich vun der Verkéiersplanung

Aussepolitik

27. Wéi wëll Är Partei eng feministesch Aussepolitik ëmsetzen?

D'Lëtzebuurger Aussepolitik gesäit sech am Prinzip feministesch. Lëtzebuerg ass sech senger Verantwortung an deem Beräich op alle Fall bewosst an huet als ee vun den Zieler fir Fraen ze schützen, wa se Gewalt an Ausbeutung ausgesat sinn. Den Ausseminister ass fir de Sujet sensibiliséiert an intervenéiert reegelméisseg op Konferenzen am Ausland fir iwwert dat Thema ze schwätzen. Eventuell bleiwen Efforten ze maachen fir dass dës Iddie och an der Praxis an iwwerall um Terrain zum Droe kënnent.

28. Wéi wëll Är Partei d'Mënscherechter vu Fraen a geschlechtliche Minoritéiten ouni Pabeieren op europäeschem Niveau an hei am Land sécheren?

Duerch eng konsequent Applikatioun vun der Convention d'Istanbul, déi grad esou Fraen schützt, durch speziell Ulafstellen, déi op déi Problematiken sensibiliséiert sinn – dat ass wichteg, virun allem well d'Violatioun vun de Mënscherechter, Gewalt an Ausbeutung vu Fraen a geschlechtliche Minoritéiten si jo dacks grad de Grond fir hier Flucht.

Kultur

29. Wëllt Dir paritétesch virgoe bei der Fërderung vu Kënschtler*innen (finanziell a wat d'Repräsentanz vun hire Wierker an de Kulturprogrammer betrëfft)?

Fir d'LSAP muss och am Kulturberäich Wäert drop geluecht ginn, dass d'Fraen besser representéiert sinn a méi Visibilitéit hunn. An deem Sënn ass et richteg fir a Richtung Paritéit ze goen.

30. Wëllt Är Partei geziilt d'Schafe vu weiblechen, queeren a benodeelegte Kënschtlerinne fërderen?

D'LSAP ka sech gutt virstellen d'Schafe vu weiblechen, queeren a benodeelegte Kënschtlerinne geziilt ze fërderen, e.a. iwwert de Wee vu Projet'en...

